



# UNION CYCLISTE DIPPACH

ASSOCIATION SANS BUT LUCRATIF - FONDEE EN 1935,  
AFFILIEE A LA FEDERATION DU SPORT CYCLISTE LUXEMBOURGEOIS (F.S.C.L.)

1

## Rapport vun der Sitzung vum 29. Abrëll 2019

Présents : MM: JUNGELS Henri, HEIDERSCHIED Dan, DIDIER Lucien, KEISER Claude, GILLES Joël, JUNGBLUTH Fredy, BERGER Arsène, SPAUTZ Richard, MORANG Misch, TREIS Laurent.  
Mme MORIS Laurence

Excusés:

### 1. Schlüsselslëscht vun der neier Garage.

- Et si Schlüsselen vun der neier Garage an der 3 Kantonsstrooss u Komiteesmemberen ausgedeelt gin. Den Arsène Berger misst do eng Lëscht hun déi hie soll an déi nächste Sitzung matbréngen. Fir déi Lëscht „à jour“ ze halen kuckt awer w.e.g. alleguer no op dir och ee Schlëssel huet a wien net méi am Komitee as muss dee Schlëssel ofgin.

### 2. Organisatioun vun eisem Course-Weekend den 18. A 19.

#### Mee.

- Den Henri Jungels an de Fredy Jungbluth hun am Laaf vun der 1. Woch am Mee ee Rendez-vous beim Grillo zu Dippech fir eis Brochure an de Guide Technique vun der UCI Course ze finaliséieren. Et kënnen keng Ännerung méi gemaach gin. D'Brochure kascht +/- 4000.-€
- D'Rendez-vousën vum Samschdeg, den 18. a Sonndes, den 19. Mee krut dir schon alleguer matgedeelt. Zur Erënnerung:
  - Freides fir den Opbau, Rendez-vous ëm 10:00 Auer. An der Mëttesstonn gëtt et eng Pizza.
  - Samschdes, geet et vun 10:00 Auer bis Schluss; an et gi Bongen fir all d'Leit déi hëllef vum 10,00€.
  - Sonndes, geet et em 7:00 Auer lass bis zum Schluss an et gi Bongen fir eis Leit, d'Police, d'Kommissären, asw., vum 20,00€.
  - D'Toiletten am Centre mussen propper an iwweersichtlech ausgeschëldert gin fir datt net méi déi Pissereien, wéi d'lescht Joer, an de Viirgäertercher vun de Noperen Reklamatiounen un d'Gemeng weidergeleet gin. Mir hun eng Fra déi d'Toiletten am Centre iwweerwaart a propper hält. An deem Fall bräichte mir och keng Dixiestoiletten wéi d'Gemeng eis dat proposéiert hat.
- Den Här Claude Mreches, Chef dun der Equipe Bartreng vun de Ponts et Chaussées, pecht eis de Strëch Freides an der Mëttesstonn (13:30 Auer).
- Samschdes gëtt bei den Débutants ouni Transpondere gefuer well kee vum TIMING Team vun der FSCL disponibel as. Ab Sonndes sin d'Transpondere vu MAXX Timing disponibel.
- D'Funken an d'Quetschen gi vu Kölnton geliwert fir Samschdes a Sonndes.
- De Sekretär reservéiert een Zëmmer an der Béierhaascht zu Käerjeng fir den UCI Kommissär, an eent fir den Techniker vu KOELNTON an 3 fir d'Techniker vu MAXXTime.
- Déi Haaptspensoren sollen invitéiert gin vir kënnen als VIP an der Course kënnen deen een oder aneren Tour matzefueren. Sie sollen sech un den Dan Heiderscheid wenden dee sech em d'Autoën an der Course bekëmmert.

- De Laurent Treis deelt eis mat, datt 22 Equipen séch ugemellt hun. Portugal an Irland hu gefrot fir eng Benzinzoulaag. De Komitee huet décidéiert fir 50€ pro Chauffeur bäizesteieren.

### 3. Stage vun de Minimes a Cadets zu Iechternach.

- D'Laurence Moris mécht ee kurze Bericht. De Stage as an enger gudder Kollegialitéit ofgelaaf an huet de Veräin 2.000,00€ kascht. Fir den nächste Stage muss mir den Elteren onbedéngt matdeelen, dass all Kand muss onbedéngt 2 Schläich dobäi hun.

**Ëm 21:50 Auer war de Komitee fäerdeg.**

**Eis nächste Sitzung as, wëll de Präses onbedéngt wollt dobäi sin, e puer Mol verekelt gin an as schlussendlech festgeluecht gin op de**

2

**Méindeg, 25 Juni em 19 :00 Auer**

Richard Spautz  
Secrétaire

**Opgepasst**

**Dëse Méindeg as eise Komitee ausnahmsweis op der  
Terrasse vum Fredy a senger Fra:  
83, Ceinture um Schlass  
Zu Hesper**

### **Dagesordnung vum 25. Juni**

1. Courrier.
  - a. Aschreiwung vum 5. Bob Jungels (17. Mee provisoersch Proposition vum der UCI. ???).
  - b. Grillweekend beim Cactus Bascharage as ugefrot.
2. Débriefing vun eisem Course Weekend am Mee. (18. an 19.)
3. D'Championnater beim EZF an op der Strooss, Freides den 28. EZF ; Samschdes de 29. a Sonndes den 30. Juni Stroossechampionnater.
  - a. Lëscht vun den Umeldungen (Schluss as den 23. Juni fir d'EZF an de 24. Juni fir op der Strooss).
  - b. Wéi mécht wat?
4. Challenge Glen LEVEN.
5. Sponsorsiessen am September. INVITATIOUNEN.
6. Neie Bréifpabeier.
7. Indoor Cycling am November zu Miersch.
8. **GRILL-PARTY op der Terrasse zu Hesper. Kommt alleguer an der kurzer Box, wéint der Hëtzt. (D'Grillinger déi iwwreg bliwwe sin gi verspeist, well de Fredy a séng Frau brauchen d'Killtruh fir hier eege Saachen).  
Et gëtt ze drénken (Rosé a Waasser) Wann een eng gutt Gromperenzaloot oder eng Muertenzalot wëllt matbréngen géif appréciéiert gin.**